ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 14. Mäerz 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Den Ament operéieren um nationale Fluchhafen Findel, den offiziellen Donnéeë no, 14 Fluchgesellschaften am Passagéierberäich an 8 Gesellschaften am Cargoberäich. An deene leschte Joren sinn eng Rei Fluchgesellschaften, déi Lëtzebuerg ufléien, bäikomm. Fir an eisem Land kënnen ze operéieren hunn des Gesellschaften am Virfeld missen eng deementspriechend Fluchlizenz ufroen.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister:

1. Wéi geet Lëtzebuerg bei der Vergab vu neie Fluchlizenzen vir?
2. Ginn et ënnerschiddlech Prozeduren fir eng Fluchgesellschaft am Cargo- respektiv am Passagéierberäich?
3. Hätt e sougenannten Hard-Brexit a Groussbritannien och Auswierkungen op d'Fluchlizenzen vu britesche Gesellschaften déi Lëtzebuerg ufléien ?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique